LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 09:31, 22/10/2020

Référence : 834x92b75

Luxembourg, le 20 octobre 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 2885 du 21.09.2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant les recettes TVA

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

**Äntwert vum Här Finanzminister, Pierre Gramegna, op parlamentaresch Ufro n°2885 vum 21. September 2020 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding iwwert TVA-Recetten**

De Begrëff „Écart TVA" aus der Étude déi den *Center for Social and Economic Research* vu Warschau (CASE), fir d'Europäesch Kommissioun realiséiert huet, ass ze verstoen als eng finanziell Moins-value déi duerch d'Netrespektéiere vun de fiskalesche Verflichtungen, wéi se an der nationaler TVA Gesetzgebung virgesi sinn („Compliance Gap"), entsteet.

Laut den Auteure vun dëser Étude ass dës Moins-value net nëmmen op Steierbedruch respektiv Steierhannerzéiung, mee och op Steieroptimiséierung, Failliten oder aner Fäll vun Insolvenz zréckzeféieren.

An der Étude entsprécht den Écart vun der TVA vun 199 Milliounen Euro fir den Exercice 2018 der Differenz tëscht der „theoretescher geschëllter TVA-Recette" an der „theoretesch encaisséierter TVA-Recette".

Des zwou Variabelen ginn op Basis vun den nationale Konten déi vum STATEC publizéiert ginn gerechent. Dem STATEC seng Donnéeën foussen um Prinzip vun der Buchung pro Ursprungsjoer. Deemno ass den Écart vun der TVA den vun CASE ermëttelt gëtt net ze vergläichen mat der Differenz tëscht de Budgetsschätzungen fir den Exercice 2018 an der effektiv encaisséierter TVA-Recette fir deeselwechten Exercice.

D'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA huet fir d'Joer 2018, par rapport zu anere Joeren, keng Verstärkung vum Steierbedruch festgestallt.